

## Wéi kann een Hëllef ufroen?

### Comment bénéficier de cette aide ?

D'Prozedur fir eng Admissioun fänkt mat engem Telefonsgespréich un. Hei ginn éischt Informatiounen ausgetosch an d'Elteren, respektiv den Tuteur vum Kand, ginn op e Gespréich mam Responsabel vum Service agelueden. An dësem Gespréich gëtt evaluéiert, ob d'Kannerhaus Jean de Besoine vun der Famill a vum Kand entsprieche kann.

Duerno fänkt eng Beobachtungsphas un, wärend där d'Famill eemol an der Woch fir eng Stonn an d'Kannerhaus Jean kënnt. Dëst erlaabt der Ekipp, zesumme mat der Famill, en therapeutesche Projet auszeschaffen. Et ass den Ufank vun enger therapeutescher Begleedung duerch eng pluridisziplinär Ekipp.

La procédure d'admission débute au téléphone par un échange d'informations. Les parents, ou le tuteur de l'enfant, sont invités à un entretien avec le responsable du service. Cet entretien permet d'évaluer si le Kannerhaus Jean peut répondre aux besoins de la famille et de l'enfant.

Ensuite, commence une phase d'observation, durant laquelle la famille vient au Kannerhaus Jean à des rendez-vous hebdomadaires d'une heure. Cela permet à l'équipe d'élaborer un projet thérapeutique avec la famille. C'est le début de la prise en charge thérapeutique par une équipe pluridisciplinaire.

## Kontakt / Contact


**Centre thérapeutique Kannerhaus Jean**
9, rue du Château | L-6922 Berg






(+352) 2755 - 6330

kannerhaus.jean@croix-rouge.lu
www.croix-rouge.lu/kannerhausjean




# Centre thérapeutique Kannerhaus Jean

**Therapeutesch Begleedung fir Kanner a Familljen**

Accompagnement thérapeutique pour enfants et familles



croix-rouge luxembourgeoise
*Mënschen hëllefen*

# Wat ass d'Kannerhaus Jean?

## Qu'est-ce que le Kannerhaus Jean ?

**Dëse Service vum Lëtzebuerger Roude Kräiz bitt Familljen an emotionaler a sozialer Nout eng psychotherapeutesch a bei Bedarf eng schoulesch Ënnerstëtzung un.**

E besonnescht Mierkmol vum Kannerhaus Jean ass d'Schaffe mat verschiddene Medien an der Therapie mat de Kanner, wéi Déieren, Konscht, therapeutescht Spill, Beweegung an Natur. Eng aner Charakteristik ass d'Integratioun vun allen implizéierte Persounen. Et ginn therapeutesch Consultatioune fir d'Familljememberen an eng schoulesch Berodung fir d'Léierpersonal ugebueden, an och eng Zesummenaarbecht mat den Intervenanten, déi Famille begleeden.

Ce service de la Croix-Rouge luxembourgeoise offre un soutien psychothérapeutique et scolaire, si nécessaire, aux familles en détresse émotionnelle et sociale.

Une particularité du Kannerhaus Jean est l'utilisation de méthodes thérapeutiques diversifiées en thérapie avec les enfants, notamment par l'animal, l'art, le jeu thérapeutique, le mouvement et la nature. Une autre caractéristique de ce service est l'intégration de toutes les personnes impliquées. Des consultations thérapeutiques sont ainsi offertes aux membres de la famille ainsi qu'un conseil scolaire aux enseignants. Le service collabore également avec des intervenants qui accompagnent les familles.

# Fir wien ass d'Kannerhaus Jean?

## A qui s'adresse-t-il ?

Den Therapiezentrum adresséiert sech u Familljen, déi eng schwéier Zäit duerchliewen a wou d'Kanner Zeeche vu psychescher Nout weisen. Dëst ka sech duerch Opfällegkeeten an hiren Emotiounen an/oder hirem Verhale manifestéieren. D'Problematik kann am haislechen Ëmfeld an/oder och an der Schoul optrieden.

Le centre thérapeutique s'adresse aux familles qui traversent une période de vie difficile et dont les enfants présentent des signes de souffrance psychique. Cela peut se manifester par des troubles émotionnels et/ou comportementaux. Les troubles peuvent survenir à la maison et/ou à l'école.

# Psychotherapeutesch Consultatioun

## Le centre de consultation psychothérapeutique



**D'Offer vun der psychotherapeutescher Consultatioun adresséiert sech u Kanner vu 4 bis 18 Joer an hir Familljen.**

Den therapeutesche Projet besteet aus follgenden Elementer: Therapie fir d'Kand, therapeutesch Consultatioune fir d'Famill a schoulesch Berodung fir d'Léierpersonal an d'Elteren. An der Reegel kommen d'Familljen eng Stonn pro Woch an den Zentrum. Mir proposéieren eng flexibel an adaptéiert Begleedung op kuerz- oder laangfristeger Basis.

L'offre de consultation psychothérapeutique s'adresse aux enfants de 4 à 18 ans et à leurs familles.

Le projet thérapeutique comprend les éléments suivants : thérapie pour l'enfant, consultations thérapeutiques pour la famille et conseil scolaire pour les enseignants et les parents. En général, les familles viennent au Kannerhaus Jean une heure par semaine. Nous proposons un accompagnement flexible et adapté à court ou long terme.

# Psychotherapeutesch Dagesstruktur

## Le centre de jour psychothérapeutique

Dëse Service ass fir Kanner vu 6 bis 12 Joer mat psychesche Problemer, fir déi e Suivi an der Consultatioun net duergeet. D'Offer vun der Consultatioun gëtt hei ergänzt duerch Gruppentherapien/-aktivitéiten an eng spezialiséiert Beschoulung. D'Kanner komme 4 Deeg an der Woch an den Therapiezentrum, de 5. Dag bleiwe si an hirer Ursprongsschoul. No engem oder zwee Trimester gëtt d'Offer lues a lues ofgebaut an d'Famill zeréck an hiren Alldag begleet.

Ce service s'adresse aux enfants de 6 à 12 ans présentant des troubles psychiques pour lesquels un suivi en consultation n'est pas suffisant. L'offre de consultation est ainsi complétée par des thérapies/activités de groupe et un enseignement spécialisé. Les enfants viennent au Kannerhaus Jean 4 jours par semaine et le 5e jour, ils vont dans leur école d'origine. Après un ou deux trimestres, l'offre est progressivement diminuée et la famille est accompagnée vers un retour à la vie quotidienne.

# Psychotherapeutescht Internat

## L'internat psychothérapeutique

D'psychotherapeutescht Internat ass fir Kanner vu 6 bis 12 Joer mat psychesche Problemer, fir déi e Suivi an der psychotherapeutescher Consultatioun, respektiv Dagesstruktur net duergeet. D'Familljen- an d'Schoulsituatioun bidden aktuell net de néidege Kader fir hir gesond emotional Entwécklung. D'Kanner gi 5 Deeg an der Woch (Dag an Nuecht) betreit a ginn d'Weekender an an de Schoulvakanzen heem. D'Offer ka bis zu 2 Joer laang ugebuede ginn.

L'internat psychothérapeutique s'adresse aux enfants de 6 à 12 ans présentant des troubles psychiques pour lesquels un suivi en consultation psychothérapeutique ou en centre de jour n'est pas suffisant. Les situations familiale et scolaire n'offrent pas à ce moment le cadre nécessaire à leur développement. Les enfants sont pris en charge 5 jours par semaine (jour et nuit) et rentrent à la maison le week-end et pour les vacances scolaires. L'offre peut être proposée pour une durée maximale de 2 ans.